
46-04

# KLAU MER MENG FRA



e lëschtegen Een-Akter

LËTZEBUERGER GUIDEN A SCOUTEN "LGS"

## Persounen:

Félix Dumont Pascal
Angèle Dumont, séng Frâ Nathalie
Mme Fournelle, dem Félix séng Schwéiermamm Viviane
Flori Urhausen, dem Félix säi Kolleg Jean-Paul
Gaston, Butler am Haus Dumont
Rosine, Déngschtmeedchen am Haus Dumont

## Décor:

Salon am Haus Dumont
Hannen: Haaptentrée
Lénks: Klengt Schlôfzëmmer
Riets: an déi âner Reimlechkeeten

-----------------

## *1. Szeen: FELIX, GASTON*

(T'ass Muergen. De Félix läit am Kostüm um Canapé ze schlofen.
Um Dësch steet en Cognacsfläsch mat 2 Glieser)

GASTON (kennt vu riets, erféiert, wéi en de Félix um Canapé gesäit)
Oh... pardon! Den Här schléift nach. An esouguer am Salon...
Kômesch, kômesch! (wëllt goen, erbléckst dann awer d'Cognacsfläisch) Aha... ech verstin. (schmunzelt)
Nujee... 't wor jo och scho laang nees un der Zäit, dass erem eng fälleg war.
(bekuckt de Félix nees a rëselt de Kapp)
Mä esou eng? - Waart, ech sin esou fräi an ech gin Iech äer Pëlle fier de Kappwéi sichen...
(iwwert dem Ofgoe fir sech:) Alkohol, oh Alkohol...
(no riets of)
PAUS
(Ennert dem Canapé rabbelt de Wecker. De Félix erwächt, en huet Krämpes fier zou sech ze kommen, en taascht iwwerall nôm Wecker...)

FELIX Mä...mä...wou stéchs de dann nëmmen?
(erwëscht en ubeemol a mécht en aus)
Bei der Däiwel mat der!
(geheit en an den Eck a léisst sech nees op de Canapé fâlen)
PAUS

GASTON (nees vu riets) Entschëllegt, Monsieur, mä d'Madame léisst ausriichten, ech soll esou fräi sin an ---

FELIX (fiert an d'Luucht, roosen) Bei der Däiwel mat der, sot ech.

GASTON Mä.. mä... Monsieur, erlaabt...

FELIX (reiwt sech d'Aen) Ah, du bass et, Gaston.

GASTON Wann et iech näischt ausmécht, Här.

FELIX Ojee... an du kënns matten an der Nuecht?

GASTON Entschëllecht, mä et ass 8.21 Auer, wann den Här erlaabt.

FELIX Waat? Schon? (hiewt sech schnell, hält sech de Kapp)

| | |
|---|---|
| | Auu! Aaahhh! |
| GASTON | (fier sech) Voilà... do hu mer et! |
| FELIX | (kuckt em sech) Hee, a wou fannen ech mech dann hei erem? |
| GASTON | Huelt mer et net fier iwwel, Monsieur, mä déi Frô hun ech mier och scho gestallt. |
| FELIX | An der Stuff? Um Salonscanapé? - Gaston, géi dem Rosine soen, et soll de Kaffi gudd staark maachen. |
| GASTON | (iwert dem Ofgoen) Jojo... Schluutchen bréngt et de muerge wierklech net. (no riets of) |
| FELIX | (bekuckt sech) An a voller Garderobe leien ech hei? - Jesëss Kanner, dat muss jo nees lëschteg gewierscht sin...! - (iwwerleet) Mä...mä...wat war dann iwwerhaapt lass? |

## *2. Szeen: FELIX, ANGELE*

| | |
|---|---|
| ANGELE | (vu riets) Ah, Félix, du bass awer schon ugedoen?! |
| FELIX | (erféiert, verléen) Jo... jo... wéi's du gesäis! (bëndt sech d'Krawatt nees) Ech...ech...brauch mer nëmme jhust nach d'Krawatt ze strécken, da sin ech prett, Mais-chen. |
| ANGELE | (gët hum eng Bees) Wor et spéit gin? |
| FELIX | Spéit? (verléen) Ho...jo...du kanns der jo denken, dass...dass...esou een Owend net an Amen a Jo gedoen ass... |
| ANGELE | Säit deem dass du fier dech eleng am Friemenzëmmer schléifs, (weist no lénks), weess ech net méi, wéini dass de an d'Bett kënns. |
| FELIX | (vierworfsvoll) Angèle! |
| ANGELE | Ma nee, 't wor jo net esou gemengt. Ech wees jo, dass d'Schnaarche bei iech an der Famill läit an dass ech zevill e liichte Schlôf hun. |
| FELIX | Also! Da fänk och net nees ëmmer dermat un. |
| ANGELE | Ech wärt mer et zu Häerz huelen, Stippchen. (gët him nees eng kleng Bees) |
| | PAUS |
| | (D'Angèle spëtzt ubeemol d'Oueren. Hannert der lénkser Dier héiert een e fierchterlecht Schnaarchen) |

| | |
|---|---|
| ANGELE | Lauschter Félix! |
| FELIX | Ja, Mais-chen? |
| ANGELE | Do schnaarcht dach eppes. |
| FELIX | Wéi? |
| ANGELE | (weist no lénks) Do schnaarcht eppes. |
| FELIX | Wou? A ménger Kummer? Allez! |
| ANGELE | (geet no lénks bei d'Dier lauschteren) Ech hun dach net gedreemt. |
| FELIX | (idem) Tatsächlech. Do schnaarcht eppes. |
| ANGELE | An déngem bett? (streng) Félix, wat heescht dat do? |
| FELIX | (verléen) Tja... dat froen ech mech awer och (laacht verléen) Haha, déi do ass wierklech net schlecht. Et schnaarcht a ménger Kummer! |

## 3. Szeen: FELIX, ANGELE, Mme FOURNELLE

| | |
|---|---|
| FOURN. | (kennt vu riets, an der Robe de Chamber, réiert eng Pëll an engem Glas Waasser op bësseg:) Aha, en ass awer schon op den henneschte Patten?! |
| ANGELE | Ween? |
| FOURN. | (weist op de Félix) Ma deen do. |
| FELIX | Ech? Majo sécher, Schwéiermammchen, an ech sin esou monter derbei ewéi e Fësch am Waasser. |
| FOURN. | Nu kuck do! Duerfier géif ech méng hand awer net an d'Feier léen. Hei, ech hun der alt schon direkt eng Pëll matbruecht. |
| FELIX | Eng Pëll? Fier mech? |
| FOURN. | Neen. Fier däi Kueder. |
| FELIX | Mä...mä...wéi soll ech dat verstoen? - Angèle, da so dach och emol eppes. |
| FOURN. | Komm, sich elo keng faul. Ech hun dee ganze Spektakel hënt live materliewt, wéi's de heem getrollt koums. (zum Angèle) |

Du wees jo, dass ech vierun zwou, dräi Auer keen Aa kann zoumaachen. Rieden huet gehalen a Kreesch gedoen, wéi wann se zu hierer zwee duerch d'Haus géife wänzelen. Ech hu mech a mäi Kappkëssen erageschummt, dass ech en Eedem hun, deen esou op de Lukas facht.

FELIX (wellt ripostéieren) Schwéiermammchen ---

ANGELE Félix!

FOURN. (get him d'Glas) Hei...drénk! Fier déi zwou Schluppe wäert jo alt nach Plaatz sin. Komm, Angèle, du muss mer nach de Sam vu méngem neie Kleed uspéngelen. (no riets of)

ANGELE (schwäirosen) Asou... lompe was de, du Lomp! (richt) Jo, elo richt een et ganz däitlech: Soff, an nëmme Soff. An et geléscht mech elo scho guer net méi, de Fierwëtz stëppelen ze goen, ween dobannen ze schnaarche läit, du...du...du aarmséilege Parzeläinsfrippchen! (hëllt eng Parzeläinsschossel vum Schaf a klaakt se op de Buedem) Mier schwätzen herno nach mateneen, Männchen.

FELIX (hält sech kleng) Jojo, Mais-chen, ech frée mech schon drop. (Angèle no riets of)

## *4. Szeen: FELIX, FLORI*

FELIX (drénkt gemittlech d'Glas aus) Parzeläinsfrippchen, sot et zu mier... aarmséilege Parzeläinsfrippchen! - Ei, wat en Dâg! - (geet bei déi lenks Dier lauschteren) Do...elo schnaarcht et zwar net méi, mee d'Matrass kréckelt... (wëllt d'Dier opmaachen, dann:) Neen. Ower net. 't léisst een d'Leit ausschlôfen! - (iwerleet) Tjeft, wor ech dann hënt an enger Bar, dass ech mer do eent vum Comptoir --- (erféiert fier sech) Neen...esou kennen ech mech nun awer net. Oder...villäicht dach? Mä wellecht dann? Loosse mer eis emol dee Kalibber ukucken. (luusst duerch d'Schlëssellach, dee Moment geet d'Dier op, an de Flori kënnt eraus, verschlofen an nëmmen hallef ugedoen)

FLORI A wat der Jomer as dat elei e Kaméidi muergesfréi?



LËTZEBUERGER GUIDEN A SCOUTEN "LGS"

| | |
|---|---|
| FELIX | (erschreckt) Mä...mä... (fier sech) Do louch wierklech een dobannen. |
| FLORI | An do sos du zu mier: Géi tessel dech eran a mäin Diwwi, da kanns de an aller Rou bis Mëtteg auspennen. |
| FELIX | Entschëllecht...pardon...ech mengen --- |
| FLORI | Félix, nu so nach jhust, du géifs mech net méi kennen. |
| FELIX | Also, wann ech éierlech sin: vu Gesi kaum a mat Wëssen nach manner. |
| FLORI | Du hues mech dach gëschter Owend mat heihin geschleeft, fier der déng Fra ze klauen. |
| FELIX | (fiert op) Watgelifft? Fier méng Fra ze klauen? Oh nee, sot lauschtert emol, Monsieur --- |
| FLORI | Ech sin de Flori, Félix, Urhausens Flori... mier hun ons dach zesummen hënt déi hallef Nuecht em d'Ouere geschloen. |
| FELIX | (opbruecht, fier sech) Urhausens Flori... kënnt hien a mäi Bett schnaarchen, fier mer mäin Angèle ze kidnappen. (wëllt sech op dee Schreck hin e Cognac erausschëdden) |
| FLORI | (rappt him opgereegt d'Fläsch aus der Hand) Félix, neen, hues de se nach all? |
| FELIX | Mä, à la bonne heure! Dat do ass nun awer de Kombel! Ech wäert mier dach nach kënnen a méngem Haus e Cognac erausschëdden? |
| FLORI | Awer net aus där doer Fläsch. |
| FELIX | Wéisou? |
| FLORI | Do si Schlofpëllen dran. |
| FELIX | Schlofpëllen? Sot, ech mengen, dier sidd hinnen e puer Kilometer hannert Schieren ausgebrach. |
| FLORI | (berouegt en) Félix... nu sëtz dech emol gemittlech heihin, ech wëll der alles erzielen, wéi et war. (si sëtzen sech) |
| FELIX | Do loossen ech mech gären iwwerraschen. |
| FLORI | Géint eng Auer néng soutze mer allenzwéin an deem klenge Staterbistrot um Comptoir --- |
| FELIX | --- (iwerleet) an deem klenge Bistrot um Comptoir. Jo, esouwäit kommen ech nach mat. |

**FLORI** A wéi et nun eemol esou geet, si mer no an no mateneen an d'Gespréich komm, iwer det an dat hu mer philosophéiert an d'Enn vum Lidd war, dass de mer déi hondsmiserabel-schlecht finanziell Situatioun an dénem Parzeläinscommerce uvertraut hues.

**FELIX** (erënnert sech ëmmer méi) Ajo...elo wou's d'et sees... (méi fier sech) An et stëmmt och! Wees de, ech gin d'Konkurrenz net méi Meeschter. - Mä, jee, erziel weider!

**FLORI** Déng Schwéiermamm, sos de, hätt e ganzt Verméigen um Kont ---

**FELIX** Se ersäift dran!

**FLORI** --- mä se géif net am Dram drun denken, fier dier dermat ënnert d'Aerm ze gräifen ---

**FELIX** Jhust!

**FLORI** --- ében well se scho vu vier eran dergéint war, dass hiert eenzegt Meedchen esou en aarmséilege Parzeläinsfrippchen bestuede wëllt.

**FELIX** Aarmséilege Parzeläinsfrippchen... jojo, dat krut ech nach de Muergen ze héieren.

**FLORI** An dunn, wéi mer bei deem siwente Whisky soutzen, du koums de ubeemol op déi génial Iddi.

**FELIX** (kuckt grouss) Ech? Op eng génial Iddi?

**FLORI** (fier sech) Deem as komplett zougefruer!

**FELIX** (as nees voll do) Jojo, elo gesin ech nees alles kloer vieru mer: ech koum op eng génial Iddi: Klau mer méng Fra!

**FLORI** Voilà, klau mer méng Fra, dat wor déng Devise. Du has déi ganz Nuecht weider näischt an der Kopp ewéi dee Kidnapping. De perfekte Crime, hues de dech an d'Broscht geworf.

**FELIX** (muss laachen) Hahaha, jo, nu kuck do... an elo hätt ech dee jo bal ganz versoff. - Mä , Flori, ofgemat, oder?

**FLORI** Ah, d'Geschäft leeft.

**FELIX** Et trëfft sech iwwregens haut gudd. Ech muss souwisou op eng Konferenz, an de Gaston an eist Rosine hu vun 10 Auer un hiere fräien Dag.

FLORI Mat deem Gescheck schwätzt och kee Mënsch mer an d'Hand- wierk.

FELIX Du sees et. A wa méng Fra den Owend gemittlech bei der Televisioun hiere Cognac drénkt, da lauers du a méngem private Schlofzëmmer (weist no lénks) bis d'Schlofpëlle mat dem Alkohol hier Wierkung weisen. Een, zwee, hëlls d'et op de Bockel, luedts et an de Auto a fort dermat.

FLORI D'Fro as jhust: wouhin?

FELIX Wouhin? Wouhin? Dat as Niewesaach bei der Saach. Wourop et an dësem Coup ukënnt, dat ass dee kalbliddegen Toun an dee stueren, verbruetene Kapp, mat deem dass de mer déi Millioun frees, fier méng Mais-chen kënnen eremzegesin.

FLORI Keng Angscht, dat hu mer bis den Owend och nach geschosselt.

FELIX An an däer verzweifelter Lag wäert ech déi räich Schwéiermamm dach bestëmmt esou mëll kréien, dass se mer e Chèque op hiere Kont schreiwt, ech hu jo kee rouden a kee wäissen.

FLORI De Plang ass schons raffinéiert ausgeduecht.

FELIX Du léiss d'Angèle sprangen a mier zwee, mier kënnen ons an d'Fäischte laachen...

FLORI 500 Groer fier dech a 500 Groer fier mech

FELIX Wierklech, esou einfach as déi Saach!

FLORI 't muss ee jhust op d'Iddi kommen!

FELIX Also, Kolleg: Klau mer méng Fra!!!

***<u>BLACK (e puer Täkt Musék)</u>***

***<u>5. Szeen: ROSINE, GASTON</u>***

(t'ass deen anere Muergen. Um Dësch steet nees d'Cognacsfläsch mä méi eidel. Derniewt ee Glas. - Et schellt. No engem Abléck kënnt d'Rosine vu riets)

ROSINE (patzeg)... a schon an aller Härgottsfréi! (schnell no lénks of). Et schellt nees. No engem Abléck kënnt et vu lénks mat Bettgezei. Fier sech:) Neen...deen Ale schéngt awer schon iirgendzwouch op de Been ze sin! (Et schellt nees. Et pucht roosen d'Bettgezei dohin) Oh so, geet et da mat dier? Dee gët sech jo net! (no hannen of) (Gläichdrop kënnt de Gaston vu riets, en as am Gaang sech mat enger Lupp eng Enveloppe méi genee unzekucken)

GASTON Monsieur Dumont! - A mat Buschtawen zesumme-gepecht, déi aus allméiglechen Illustréierten erausgeschnidde goufen! Suspekt, ganz suspekt! (mécht d'Enveloppe viersichteg op, kuckt de Bréif an erschreckt) Wat? - Neen! (wëllt sech vu Schreck setzen, mierkt awer währenddem, dass kee Stull drënner ass, bleiwt an där Haltung, zitt sech e Stull ënnert sech a sëtzt sech färdeg. Liest vierun.) Heute Nacht werte Frau Dumont, geborene Fournelle entführt. Für Übergabe von Lösegeld auf weitere Anweisungen warten. Schrecklech. Fierchterlech! Se hun dem Här d'Madame gekidnappt...

ROSINE (kënnt vu hannen, mat engem Telegramm, opgeregt:) Gaston, oh, gudd, dass de hei bass. Wann ech elo eleng am Haus séitz, dann hätt ech mer vun erlauter Oprégung den Aasch aus der Box gefaart. 't ass.. 't ass... 't ass jo...
(De Gaston réagéiert guer net)
Gaston, an du sees emol näischt?
(de Gaston kuckt stuer riicht aus)
Gast, da so dach eppes!!!
(de Gaston botzt sech blouss séilerroueg de Schweess vun der Stier)
Lauschter nëmmen, wat op deem Telegramm steet, deen elo grad vun der Post koum, dat werft dech aus de Schlappen:
Eine Million - Stop - in gebrauchten Scheinen - Stop - keine Polizei und däersgleichen - Stop - sonst übermorgen liebes Frauchen Kopf kleiner - Stop
(de Gaston sackt vu Schreck a sech zesummen)

't freet ee sech nëmme jhust, wellechen Dräibiitz sech dee Spaass geleescht huet a wat et iwwerhaapt op sech huet, wann een iwwerhaapt ka vu Spaass schwätzen... Dajee, Gast, da so dach eppes, da maach eppes!
(de Gaston gët dem Rosine ouni opzekucken säi Schreiwes)
(liest) Hä? Se hun deem Ale säint wierklech ewechgeklaut? Ah, elo verstin ech dann och dat ganzt Gefuebels op mëngem Telegramm elei... sonst übermorgen liebes Frauchen Kopf kleiner... 't ass ganz charmant gesot!

GASTON Charmant oder flappeg, et sin der op jhidde Fall, déi sech an dem Métier auskennen.

ROSINE Wéisou?

GASTON (kuckt d'Enveloppe vum Schreiwes nach eemol mat der Lupp) Néierens ass op der Enveloppe dee klengsten Indiz ze fannen: kee Fettfléck, keen Hoer, kee guernäischt. (weist op d'Schreiwes) A mat hiere Buchstawen féieren se dee ganze kriminalisteschen Polizeiapparat un der Nues erëm.

ROSINE Jo...se hu bestëmmt eng ganz "Frau mit Herz" zerschnëppelt...

GASTON Eng "Frau mit Herz"? Rosine, du hues e Verdacht?

ROSINE Neen. Ech si mer ës esouguer ganz sécher.

GASTON (paff) Wat?

ROSINE Dass et Buchstawen aus der "Frau mit Herz" sin. Schliisslech ass all Fra déi eppes op sech hält, esou ewéi ech, op déi Illustréiert abonnéiert. (weist) Hei, dësen i, dësen e an dësen r sin honnertprozenteg aus dem Titel vum Liebesroman "Heisse Nächte in Rio", den o, den d, de w an den s aus dem Horoskop, nämlech vum Skorpioun, Widder a vum Waassermann an dann den h, den t de g, den ch an den f aus der Rubrik: Dr Hans-Ulrich Senfer, Experte für Eheberatung und Sexualkunde, antwortet auf Ihre intimsten Fragen.

GASTON (verwonnert) Rosine, un ~~der~~ dier ass en Detektiv verluer gaangen.

ROSINE (houffereg) Gesäis de mol, Gaston, dass awer net schlecht, wann een eppes fier Literatur iwwreg huet.
(den Telefon rabbelt)

GASTON Aha!

ROSINE Wéisou: aha?

GASTON Dat do as e sécher.

ROSINE Ween?

GASTON (weist op den Telegramm) Deen.

ROSINE Ah! (späitzt sech an d'Hänn a geet op den Telefon) Da waart, da léen ech mech mat him un! (hiewt op) Jo, hallo? - Jo, hei bei Dumont's. - Jojo... mier hun et schon duerchstudéiert.
(de Gaston trëppelt nervös hin an hier)
Wéi? - Natierlech, net numeréiert, sot, fier ween haalt dier eis - Dausender a Fënnef-Dausender, wéi den Här wëllt. - (kuckt op d'Auer) Oh, lo hu mer véierlel vier 9, e weess zwar nach näischt vu séngem Gléck, mä am Laaf vum Muerge wäert en de Frick jo alt zesummegekraazt kréien. Wëss der, a wann net, d'Schwéiermamm huet jo och nach en décke Kont. - Wéi? - Ebe jhust? - (muss laachen, zum Gaston) Héiers de, ébe jhust, seet en. - Wéini? Em hallwer eng, de Mëtteg. Jojo, pünktlech. Waart, ech schreiwen et léiwer op well Uerdnung muss sin, dier hudd recht. (notéiert op e Blad) 12.30 Auer, Rendez-Vous mat dem Här --- Wéi wor de Numm scho méi (erféiert) Wat? Watgelifft? Topech Rotzschnëss? - Gaston hues de dat matkritt? Topech Rotzschnëss, seet deen zu mier!

GASTON (rëselt de Kapp an hëllt him den Hörer aus der Hand)
Dier geet se ower op ouni ze iwwerléen.

ROSINE Wat?

GASTON Eben déi. (an den Apparat) Hallo? A wou soll et sin, Monsieur, wou wier et iech am bäschte geléen? - Wou? - Hallo!! (rëselt den Hörer, klappt op den Apparat, leet op) Do... agehaang!

ROSINE Neen?

GASTON Dach.

ROSINE — D'Loudervéih! - An zu mier seet en: topech Rotzschnëss!

GASTON — Mä iwwerlée dach, Rosine, du kanns an engem Fall vu Kidnapping dach net no dem Numm froen!

ROSINE — Mat deem Geschéck wësse mer awer nach näischt. Jhust, dass en um hallwer eng iirgentzwouch op e waart. Mä wou?

GASTON — Ech mengen, ech sin esou fräi an ech gin emol nom Här kucken, fier en iwwert déi nei, ongewinnte Situatioun am Haus an d'Bild ze setzen.

ROSINE — Du gees bei deen Alen? A fierwat dann dat?

GASTON — Schliisslech as et jo séng Fra, déi gekiddnappt gouf.

ROSINE — Ajo, dat stëmmt och. Da sprang en alt ruffen, Gast, mä bréng him et stéckelchesweis bäi a fal him net direkt mat der Scheierpaart an d'Haus eran, soss kippt en der an der Wäsch zesummen...

(de Gaston no riets of)

(notéiert op den Ziedel) Net numeréiert... Dausender a Fënnefdausender... (fier sech) Ah - wat as dat esou opreegend!

(wëllt sech e Cognac erausschëdden, am läschten Abléck awer:)

Neen, o neen... léiwer net. Et muss een um Tatort alles stoe loossen, ewéi et steet, wéinst... (iwwerdriwwen) Fangerofdréck, Dimensiounen, Impressiounen an Halluzinatiounen, wéi et am Fachjargon heescht. An dann... wee weess, (schuddert sech), villäicht as nach e Schlofmëttel dran... oder e Kaffisläffel Zyankali... (muss awer iwwert sech laachen) Ho, neen, wat eng Phantasie! Tja, dat kënnt dervun, wann een all Woch an der "Frau mit Herz" de Kriminalroman liest...

## *6. Szeen: GASTON, ROSINE, FELIX*

FELIX — (ausser sech, riets hannert der Kuliss) Mä't ass net méigelech! Em Gotteswëllen, t'ass dach net méigelech! Du méchs de Geck, Gaston?!

GASTON — (idem) Mécht ee mat esou Nouvellen de Geck, Här?

| | |
|---|---|
| FELIX | (kënnt eragestiermt) Neen! |
| GASTON | (hannendrun) Also. |
| ROSINE | Hei! (récht him de Bréif an den Telegramm) Oh, ech sin esou opgereegt. |
| FELIX | (liest, grommelt fier sech)... werte Frau Dumont entführt... keine Polizei - Stop... Kopf kleiner - Stop! (sëtzt sech) Schrecklech! |
| GASTON | Fierchterlech! |
| ROSINE | Grujjhelech! |
| | (Paus) |
| GASTON | An eng Millioun, Här, wann ech duerf esou fräi sin, dat ass eng schéi Staang Geld. |
| FELIX | (ënnerlech zefridden) Ebe jhust. |
| ROSINE | Wéisou? (zum Gaston) Héiers de, ëbe jhust, seet hien och. |
| FELIX | (rappt sech eraus) Majo, ech mengen... 't ass ... 't ass eng schéi Staang Geld, an ... an duerfier... géif et mech ébe jhust net wonneren, wann hie sech och nach iwwer Telefon melle géif. |
| GASTON | Ebé jhust. |
| FELIX | Wéi? |
| ROSINE | Maja... déi Iddi as him scho komm. |
| FELIX | Ech verstin net. |
| GASTON | Elo vieru 5 Minutten. |
| FELIX | Wéi? En huet schon ugeruff? |
| ROSINE | An et huet een däitlech héieren, dass en domm dragekuckt huet, wéi e mech topech Rotzschnëss un der Strëpp hat. |
| FELIX | Mä...mä... dier hätt mech solle gläich siche kommen. Schliisslech sin ech et awer, deen en cause ass... an direkt zweemol beieneen: fierdéischt mat dem Angèle, an da mat dem Geld. |
| ROSINE | Reegt ich net op, dier hudd näischt verpasst. Ech hun iech alles opgeschriwwen. (weist him den Ziedel) |

FELIX (liest) 12.30 Auer... net numeréiert... Dausender a Fënnefdausender... Jo, mä wou soll ech him déi em 12.30 hibréngen? Wéi verpaken ech him se? Drécken ech him se perséinlech an de Grapp, stiechen ech se an eng Poubelle oder léen ech se hannert eng Telefonskabinn?

GASTON Erlaabt, Här, mä esou wäit si mer an onse Verhandlunge mat him nach net komm, well en huet einfach agehaangen.

ROSINE D'Louderveíh!

FELIX (nervös) Einfach agehaangen?! Dat dént mech de Moment guer a gladnäischt! (schléit mat der Fauscht op den Dësch)

ROSINE Mä, Patron, nu riedt iech dach net esou niewent de Kapp.

FELIX (rosen) Niewent de Kapp? As déng Fra schon eemol geklaut gin? Neen! Also, dann hat de Bak.

ROSINE (motzeg) 't ass gudd, dann halen ech de Bak.

FELIX A propos - weess méng Schwéiermamm schon eppes vun deem... vun deem... Kidnapping?

ROSINE (schnësst awer nees lass) Ma neen, d'Madame Fournelle schléift nach. Se huet mer jo vierru kuerzem extra un d'Häerz geluecht, fier muerges mam Spullen a mam Staubsauger lues emzegoen, well se an der läscht dermoosse Schwieregkeeten am Bett hätt, an et wier erréischt géint der Muergen, wou se sou richteg kënnt...

(de Félix kuckt grouss, de Gaston platzt mat Laachen eraus) eh, schlofe kënnt...

(den Telefon rabbelt)

FELIX (erschreckt) Den Telefon!

GASTON Voilà... dat ass en nees.

ROSINE Mengs de?

GASTON A bestëmmt rifft en elo aus enger anerer Kabinn us. Ech sot jo schons, se kennen hiere Métier.

FELIX (hiewt, viersiichteg gespillt, op) Hallo... Dumont hei. - Perséinlech. - Jo, ech lauschteren. - Wou? Bei der zweeter Bréck nom Autobunnskräiz ---

ROSINE (schreiwt mat) ... Autobunnskräiz...

FELIX --- rietser Hand um Parking ---

ROSINE ... Parking...

Hien ass zefridden! - (riedt sech an den Äifer) Mä lauschter, emol Fissi, du weess dach, wat mer ofgemat haten? Eng ganz Nuecht hate mer derwéinst dropgewichst. - Jo, klau mer méng Fra, dat wor se, méng Devise, an elo... (ëmmer méi opgedréint a rosen) ... d'Fläsch Cognac steet nach ëmmer um Dësch, de Butler huet de Bréif fonnt, d'Déngschtmeedchen krut den Telegramm an d'Hänn, du, du hues nach dee kriminelle Culot fier zweemol als kalbliddege Kidnapper heiheem unzeruffen --- (jäitzt rosen) Neen, ech wëll elo guer näischt méi héieren, ech brauch keng zousätzlech Erklärungen méi! - (fiert aséngem äifrege Waasserfall vierun) An d'Pointe vum Witz: méng Fra, spazéiert eemol wéi d'anertmol heiheem, schneit e Gesiicht, fier dranzetrëppelen, an ech, ech sin dee gelackmeierten! Basta, schluss, fäerdeg! - Wéi? Ower net méi laang? Wéisou? - D'Millioun ass awer flësseg, sees de? So, du spënns! - Wéi? D'Millioun a villäicht nach méi? (fier sech) Deen do tickt net méi richteg! - Neen, ënnerstéi dech, du brauchs dech net méi hei am Haus ze weisen, du...du... (lauschtert) Do... an agehaangen! (leet op) D'Loudervéih! - (geet no hannen of, iwwerdeems:) Ah, ech bewonnere säi Culot, fier trotzdeem zweemol heiheem unzeruffen... Autobunnskräiz, Parking, drëtt Bänk, wäiss Plastikstût... wierklech, Chapeau, Flori Urhausen (of)

## *9. Szeen: GASTON, ROSINE*

(dee Moment geet ganz lues déi riets Dier op, de Gaston streckt de Kapp eran, luusst viersiichteg no riets a lénks a kënnt eran, kuckt nees alles mat der Lupp)

GASTON

E perséinlecht Schreiwes, mat vill Aarbécht zesumme gepecht... en Telegramm op offiziellem Telegrammspabeier... an dann zwee ganz eendaiteg Coup-de-Telefonen... (iwwerleet, dann:) Klau mer méng Fra, wor séng Devise, sot en... an elo wier hien dee gelackmeierten, basta, schluss,

färdeg! - Also neen, wat ech mer déi Affaire méi duerch de Kapp goe loossen, wat se mer ëmmer méi verwuerelt vier kënnt. (rëselt de Kapp, dann no hannen of)

(een Abléck drop geet déi lénks Dier lues op, d'Rosine streckt de Kapp eran, luusst viersiichteg no riets a lénks a kënnt mat Bettgezei eran)

ROSINE — Mä welleche Kidnapper inszenéiert esou e professionnelle Kidnapping, ouni iwwerhaapt emol eng Mënscheséil gekidnappt ze hun? Neen, esou e schappége Kriminalroman kritt een emol net an der "Frau mit Herz" ze liesen... oder --- (bleiwt stoen, iwwerleet a schmunzelt fier sech) oder deen décke Wupp kënnt nach no... (mécht de Felix um Telefon no) D'Millioun ass flësseg, a villäicht nach méi! Wierklech, Chapeau, Flori Urhausen... (fier sech iwwert dem Ofgoen:) Enfin, wierklech, chapeau Félix Dumont... (no riets of)

***10. Szeen: ANGELE, FELIX (vun hannen)***

ANGELE — (vun hannen, zimmlech getoufft) E faule Witz, sees de? Puh, dass ech net laachen!

FELIX — Angèle! Nu sief dach verstänneg! Ech si grad esou perplex ewéi's du. - (geet bei et) Mä d'Haaptsaach; se hu blouss de Geck gemat. Stell der emol vier, se hätten dech wierklech geklaut?! (wëllt et emärbelen)

ANGELE — (mécht sech lass) Géi! Looss mech! 't ass mer net drëm. (Paus) Félix, du verheemlechs mer eppes.

FELIX — Hä? Hal dach op mat deene kannerege Rieden!

ANGELE — Fierwat wiers de soss an deenen zwee läschten Deeg esou komesch.

FELIX — (gët nervös) Ech...komesch? Mä...mä...jee...du wees dach, dass eise Betrieb momentan zimmlech schappeg do steet. De Meyer & Co. verschleidert säit Méint séng schéinsten Servicer zu Spottpräisser. Do kann ech einfach net mathalen.

A wat as d'Resultat? D'Clientèle dréint eis de Réck a mier sëtze mam Fanger am Mond op eise Këschten. Voilà! Kee Wonner, dass ee sech do séng Gedanke mécht... (bléist erliichtert, well en eng Ausriedt fonnt huet)

ANGELE Oh, hätt ech deemools ménger Mamm gefollegt a mech net mat esou engem aarmséilege Parzeläinsfrippchen agelooss.

FELIX (fier sech) Aha... mier hänken nees op deem alen Disque!

ANGELE (kuckt op d'Auer) Wat? Scho véierel vier zwielef? Da muss ech se awer onbedéngt erwächt goen.

FELIX Ween?

ANGELE Méng Mamm. (no riets of)

FELIX (fier sech) Ee Gléck nëmmen, dass déi al Gëftmouk näischt vun deem ganzen Theater matkritt huet.

## *11. Szeen: GASTON, FELIX, FLORI, Mme FOURNELLE*

GASTON (ausser sech vun hannen) Erlaabt, Monsieur, ech sin esou fräi an ech mellen Iech eng Surprise.

FELIX Eng Surprise?

GASTON Haalt Iech léiwer fest un, well fier eng Surprise ass et wierklech eng Surprise.

FLORI (stolz vun hannen) Salüt, alen Hummer!

FELIX (fiert op) Wat? Du? Mä ech hat der dach gesot ---

FLORI Pscht!

FELIX Hei gët et sech näischt ze pscht-ten. Eraus elei!

FLORI Jojo, mä da rot emol fierdéischt, ween ech der matbréngen!

FELIX A wee solls du mier da scho matbréngen?

FLORI Ech wollt der et jo déi ganzen Zäit um Telefon auserneendoen, mä du hues mech net zu Wuert komme gelooss.

FELIX Nu so nach jhust, du häss awer ee geklaut!

FLORI Ei, a fro net welleche Kalibber.

FOURN. (mat grousse Schrëtt vun hannen) Dier Herrschaften - pardon!

FELIX (grouss) Wat? Schwéiermammchen... du?

FOURN. Hä, do falen dier d'Aen aus de Kaulen! (zum Gaston) Komm, mä Jong, ech muss op mäin Zëmmer. (mat dem Gaston riets of)

### *12. Szeen: FLORI, FELIX*

FELIX Mä...mä...

FLORI Do stauns de, wéi?

FELIX Du...du hues...

FLORI (stolz) Jo, ech hun.

FELIX (léisst sech op e Stull nidder) ... mä du solls dach méng Fra klauen, an net méng Schwéiermamm.

FLORI Ech weess.

FELIX Maja!

FLORI Mä leider hat ech awer déi falsch erwëscht...

FELIX Wéisou? Wor si da gëschter Owend un de Cognac?

FLORI Wéi et schéngt! Se louch emol hei um Canapé alle véier ewechzestrécken.

FELIX An du hues de si opgelueden?

FLORI Majo. Ech duecht, et wier dat richtegt. Ech hat déng Fra jo vierdrun nach ni gesin.

FELIX Du häss der ower kënnten denken, dass déi doen Nummer eng Rei Joeren ze al fier mech ass.

FLORI Ho, weess de, wéi ech se hei op d'Schëllere gestämmt hun, du wor ech vill ze vill opgereegt a presséiert, fier nach laang ze denken. an herno krut ech se net méi vill ze kucken, well ech hun se an der Däischtert aus dem Auto gezun an an de Keller geschleeft, ouni d'Luucht emol unzefänken - du weess jo gudd, wéi d'Nopere sin!

FELIX A wéini as se nees zou sech komm?

FLORI Oh, de Muerge spéit. Eppes op eelef. (laacht) Déi hat sech bestëmmt en duebele genéhmegt! (weist op d'Fläsch)

FELIX Ah bon! An duerfier hues du och nach weider de Kidnapper gespillt an zweemol heihin ugeruff, wéi et ofgemat war?!

FLORI Majo. Dee Moment hat ech jo nach keng Ahnung, wien ech mer iwwerhaapt opgehalst hätt!

FELIX Ho, déi doen ass net schlecht! (méi fier sech) D'Iddi war zwar gudd: Klau mer méng Fra, an déi räich Schwéiermamm ka blechen... mä elo...? Tja, dann ass et mat eiser Millioun ëben Esseg.

FLORI Ma neen! Ech sot der jo schons, dass hiere ganze Kont fier eis zwee flësseg ass.

FELIX Wéisou?

FLORI (gët dem Félix e Chèque) Hei hues de schon emol deen éischte Chèque.

FELIX (kuckt grouss) 600.000.- Frang...signé Fournelle! - Mä...mä...also...

FLORI Ech hun alles mat hier besprach, déng schlecht finanziell Situatioun, méng schlecht finanziell Situatioun ...an...jee ... (weess net, wéi e sech ulée soll) ...jee, wéi et sech nun ëben aus deem zoufällegen Zoufall ergin huet, wor se och gläich dermat averstanen, fier ons zwee - déi jo am Fong geholl déi verdäiwelt Iddi haten - mat e puer Ennerschrëften op deem richtege Stéck Pabeier nees u Land ze zéihen.

FELIX (schneit eng ganz domm) Neen. Dat ass mier ze héich philosophéiert, do ass mier de Kapp ze fréi zougewuess. Flori, kanns de mer dat net nach eemol méi einfach erklären?

FLORI Oh, ech mengen dat kënnt d'Lucienne besser maachen...

FELIX (kuckt nach méi grouss) Hä? D'Lucienne, seess de?

## *13. Szeen: FELIX, FLORI, ANGELE, Mme FOURNELLE, GASTON*

FOURN. (mat dem Koffer vu riets) Sou, Flori, hei sin ech!

ANGELE (hannendrun) Wéi, Mamm? Du péks wierklech däi Koffer? (gesäit de Flori) Oh... mier hu Besuch!

FOURN. Angèle, d'Liewe bréngt engem vill batter Momenter. Erënner dech nëmmen, wéi däi Papp deemols esou stënterlech gestuerwen ass, an iwwer sechs Joer sin ech als Wittfra doruechter gelaf, trotzdeem ech nach vill ze jonk derfier sin. Mä d'Liewe spillt fair, et weist sech och muenechmol vu sénger agréabeler Säit, vun enger Säit, un déi een am Dram emol net geduecht hätt. (dréckt sech léif un de Flori)

ANGELE (verwonnert) Wéi? Mamm...ech...ech...

FLORI (houffereg) Dorun hat natierlech kee geduecht!

FELIX Flori, du...du...dier...

ANGELE Félix, ech muss mech sätzen.

FLORI Si mier da keng léif Këppelchen?

GASTON (vun hannen) Ech sot jo: fier eng Surprise ass et wierklech eng Surprise.

FOURN. Et ass hei an do nëmmen eng Klengechkeet, déi dem Gléck op de Spronk hëlleft. Bei mier wor et e klenge Cognac, Eedem...
(kuckt de Félix ironesch) ... kanns de der dat vierstellen?

ANGELE E klenge Cognac? Mamm, ech verstin net.

FOURN. Du brauchs dat och net ze verstoen, Angèle. D'Haaptsaach ass, déi Parzeläinsfrippche versteet et. - An esou sin ech op eng... net alldeeglech Aart a Weis enger aler Jugendbekanntschaft, fier net ze soen, enger aler Jugendléift, nees an d'Ärm gefall, bildlech an ... (dréckt sech un de Flori) ... wuertwiertlech.

GASTON Konfus, konfus...!

FLORI (zum Félix) Wat ments de, wat ech Ae gemat hun, wéi et aus dem Keller d'Trap eropgeschäert koum!?!

FELIX Dier...dier kennt iech also?

FLORI (leet hier den Aarm em d'Schëller) Ho, d'Feiersteens Lucienne wor eng vu méngen éischten a feieregsten Flâmen!

ANGELE Mamm, dann hues du also nees wëlles ---

FOURN. Jo, mä Kand, ech hun nees wëlles!

FELIX (wénkt mam Chèque) Aaahhhh, da verstin ech och elo deen zoufällegen Zoufall elei... ! (klappt dem Flori op d'Schëller) Stramm gemat, Schwéierpapp!!

*14. Szeen: déi virëch + ROSINE*

ROSINE (kënnt opgereegt mat enger zerschniddener Illustréierter an der Hand vu riets) Madame, Madame!

ANGLELE Rosine, wat ass da lass? Du bass jo ganz opgereegt?!

ROSINE Hei hun ech en.

FELIX (nervös, gespillt) Wat dann, méng Mod?

ROSINE (ausser sech) Déi topech Rotzschnëss huet e fonnt, de Corpus delicti... de Beweis... den Indiz... (bekuckt sech elo eréischt déi aner méi genee:) Omei, wat se hei alleguerten esou eescht a steif an d'Landschaft erakucken! (gesäit d'Schwéier-mamm beim Flori, platzt mat Laachen eraus) Hä, a wat... a wat heescht dat do? Fänkt déi al Schaier nees un ze brennen? (kënnt net méi aus dem Laachen eraus)

ANGELE (bekuckt sech d'Illustréiert) Eng zerschnëppelt Zäitschrëft?

GASTON Ah, da gouf dat suspekt Schreiwes awer hei am Haus zesummegesat, ech duecht mer et jo. (récht dem Angèle de Bréif) Wann ech duerf esou fräi sin, Madame.

ANGELE (liest verwonnert:) Heute nacht werte Frau Dumont, geborene Fournelle, entführt... (zu hinnen all) Sot lauschtert emol, wat gët hei am Haus gespillt? Fierdéischt schnaarcht et a méngem Mann séngem Bett, da komme verréckt Telefonen, ob ech geklaut gi wier, méng Mamm spiert ubeemol iwwer Nuecht hiert zweet Fréijoer, eng zerschnidde "Frau mit Herz" as e Corpus delicti an elo liesen ech hei... net schwaarz op wäiss, mä fuerweg op wäiss, dass ech hënt wierklech gekidnappt gouf.

FELIX Lee däi Kapp a Rou. Komm, drénk elo emol fierdéischt e Cognac... (schëtt eraus)

FLORI Félix, neen! Hues de se nach all?

FOURN. E Cognac? Em Gotteswëllen!

ANGELE Looss e, Mamm, ech hun en al néideg. Dee bréngt mech bestëmmt nees op kloer Gedanken...!

(drénkt en ex, de Flori an d'Fournelle's sin erschreckt, da schëtt et sech nach een eraus an drénkt deen och ex.)

*Iwwerdeems: R I D O*